



## 5. 6679 - Projet de loi portant financement du Max Planck Institute Luxembourg for International, European and Regulatory Procedural Law

### Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **M. André Bauler** (DP), rapporteur.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Rapport dauert elo net esou laang wéi dem Här Negri säin. Mir mussen och wahrscheinlech net separat ofstëmmen.

An de leschten Deeg goufen d'Nimm vun deene Wëssenschaftler bekannt, déi dëst Joer mam Nobelpräis an deene verschiddene Kategorie beduecht ginn, dorënner och ee Fuerscher, deen an engem Max-Planck-Institut schafft. De Max Planck, selwer e bedeitende Physiker - hie gëllt als de Begrënner vun der Quantephysik -, krut 1919 den Nobelpräis fir Physik. Dëst ënnersträicht d'Bedeutung vum Max Planck als Wëssenschaftler vu Rang.

Et ass deemno fir d'Lëtzebuurger Fuerschungswelt eng grouss Saach, eng grouss Eier, wann d'Max-Planck-Gesellschaft decidéiert, fir bei eis e weidert vun hire renommierten Institute opzebauen, zemoos wann een d'Tatsaach berücksichtegt, datt vun deenen insgesamt 83 Max-Planck-Institute der nëmme fënnf net an Däitschland ugesidelt sinn. De Lëtzebuurger Institut ass dann och deen éischten iwwerhaapt ausserhalb vun Däitschland, dee sech mat juristesche Froestellung beschäftegt.

Här President, de virleienden Text gëtt dem Finanzement vum Max-Planck-Institut Lëtzebuerg, deen am europäeschen an internationale prozedurale Recht tätég ass, eng legal Basis.

De Projet de loi ass den 9. Abrëll vun dësem Joer vum Héichschoulminister Claude Meisch déposéiert ginn. De 26. Juni gouf en der zoustänneger Chamberskommission virgestallt. Och de Kooperations- an de Finanzementsvertrag goufe virgeluecht.

Den 20. Mee 2009 huet déi deemoleg Regierung eng Konventioun mat der Max-Planck-Gesellschaft ënnerzeechent. Dëse Kooperationsvertrag gouf compléiert duerch e Finanzementsvertrag, deen den 30. Mee 2012 respektiv de 7. Juni 2012 ënnerzeechent gouf.

De Lëtzebuurger Max-Planck-Institut ass eng Fondation de droit luxembourgeois. D'Statute goufen am Mémorial C den 28. Mäerz 2012 publizéiert.

Den Institut huet seng Aarbechten am Hierscht 2012 ugefaangen, virun exakt zwee Joer also. De Moment schaffen eng 35 Leit am Institut. Et ass allerdéngs virgesinn, datt bis zu 65 Leit fest um Institut kënne beschäftegt ginn.

D'Fuerschung mécht sech an dräi Departementen:

- le règlement des différends en droit international public,
- le droit européen et comparé de la procédure civile et
- le droit procédural réglementaire.

Den Institut ass gewëllt, am permanenten a produktiven Dialog mat de Juridictionen an Institutione vun der Europäescher Unioen ze stoen. Et wëllt een och eng enk Zesummenaarbecht um Terrain vum Enseignement an der Fuerschung mat der Uni Lëtzebuerg ustriewen.

Här President, wat déi finanziell Ressourcen ugeet, esou huet de Kooperationsvertrag tëscht Lëtzebuerg an der Max-Planck-Gesellschaft e Finanzement staatlechersäits vun 100% virgesinn. Dëst entsprécht dem Finanzierungsmodus vun deene meeschte Max-Planck-Institute.

D'Échéance vun 30 Joer ass an d'Gesetz stoe komm, well de Kontrakt op onbegrenzten Zäit ënnerschriww gouf, mat awer enger Résiliationsméiglechkeet, an dat ass déi, datt d'Frist vun der uerdentlecher Kënnegung net kierz der si wéi den Zäitraum, deen noutwendeg ass, bis datt dee jéngsten Direkter an d'Pen-sioun ka goen.

Här President, e puer Wieder zu den Avice vun deenen eenzelne Beruffskummeren a vum Statsrot: D'Chambre des Salariés an d'Handwierkerkummer begreissen d'Schafung vum Max-Planck-Institut.

D'Chambre de Commerce ass hirersäits ganz kritesch. Si bedauert, datt et fënnf Joer laang gedauert huet, bis datt et zu dësem Gesetz konnt kommen. Et leien effektiv fënnf Joer tëscht der Ennerzeechnung vun der Konventioun an dem Gesetz. D'Handelskummer kritiséiert och, datt d'Fiche financière nëmme déi budgétiséiert Montanten tëscht 2012 an 2014 opgräift. Au vu vun den engagéierte Beträg kri-

tiséiert d'Handelskummer weider, datt et keng Previsiounen op méi laang Zäit gëtt.

De Statsrot hat säin Avis den 11. Juli 2014 ofginn. En huet eng Opposition formelle formuléiert, wat de Renouveau vum Kontrakt ugeet. Esou eng Dispositioun, wéi se ursprüngelech virgesi war, ass dem Statsrot no contraire zum Artikel 99 vun der Verfassung, dee kloer seet, datt an dësem Kontext ëmmer erëm e Spezialgesetz muss gestëmmt ginn. Wann d'Parlament d'Regierung autoriséiert, fir eng Dépense vun 360 Milliounen Euro iwwer 30 Joer ze tätegen, da kann et awer net en Engagement autoriséieren, dat onbegrenzt an der Zäit ass.

De Statsrot hätt och léiwer gesinn, fir, amplaz vun engem Subventionnement iwwer en Zäitraum vun 30 Joer, de Vertrag iwwer fënnf konsektiv Terme vu sechs Joer lafen ze loossen. Schonn eleng dowéinst, well eng global Evaluatioun vun den Aarbechten a vum Funktionement vum Institut all sechs Joer virgesinn ass.

Här President, wéi uganks vu mengem Rapport scho gesot, ass d'Schafung vum Lëtzebuurger Max-Planck-Institut e bedeitende Schrëtt fir eise Fuerschungsstanduert. Déi international Visibilitéit vun eiser Fuerschung wäert sech domadder immens verbessern. Wëssend, datt d'Fuerschung ee vun de Schlësselsektoren fir d'Zukunft vun eisem Land ass, ka meng Fraktioun dëse Projet de loi nëmme begreissen. Dëst gesot, ginn ech dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zum virleienden Text.

Ier ech zum Schluss kommen, wëll ech awer och nach de Kolleeg vun der Héichschoulkommission Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, an der Madame Huberty aus der Chambersverwaltung souwéi dem Här Modert aus eisem Groupe parlementaire fir hir wäertvoll Ennerstëtzung bei der Redaktioun vum schrëftleche Rapport.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. Éischt ageschriww Riednerin ass d'Madame Martine Hansen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President, an och villmools Merci dem Rapporteur, dem André Bauler, fir deen ausféierlechen a komplette Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, am Hierscht 2012, also virun zwee Joer, huet de Max-Planck-Institut hei zu Lëtzebuerg ugefaange mat schaffen. D'lescht Joer am Mee hu mer de Max-Planck-Institut fir internationaalt, europäesch a regulatorescht Recht um Kierchbiere ageweit. A wat ech zu deem Ulass gesot hunn, zielt natierlech och nach haut. De Max-Planck-Institut zu Lëtzebuerg ass ee weidere Meilesteen an der Entwécklung vun eiser Fuerschungslandschaft, an op d'Bedeutung vun der Fuerschung brauch ech, mengen ech, nodeem mer d'Gesetz iwwert de CRP oder iwwert d'CRPe gestëmmt hunn, net méi anzegoen.

Lëtzebuerg soll zu engem internationale Kompetenzzentrum a Rechtswëssenschafte ginn, wat duerch eng enk Zesummenaarbecht tëscht dem Max-Planck-Institut an der Fakultéit fir Rechtswëssenschafte vun der Uni.lu wesentlech gefërdert soll ginn.

Dës Zesummenaarbecht, op déi mer stolz solle sinn, gëtt natierlech duerch déi raimlech Proximitéit zousätzlech gefërdert. De Max-Planck-Institut an d'Fakultéit fir Rechtswëssenschafte sinn am Moment am selwechte provisorische Gebai um Kierchbiere, an déi Noheet soll an Zukunft och esou bleiwen, zumindest war et esou geplangt, wa si zesummen op de Campus Lampertsbiere herno plënnere.

D'Investitioun an de Max-Planck-Institut ass erëm eng Käier an zousätzleche Beweis duerfir, datt déi lescht Regierung fest gewëllt waren, fir d'Recherche hei zu Lëtzebuerg no vir ze bréngen, fir d'Zukunft vun eisem Land geziilt ofzesécheren. Well fir an enger sech séier entwéckelnder Zäit kënne matzehalen, muss e Land verstärkt kucken, fir intellektuellt Kapital erunzezillen, erunzezielen, ze fërderen an ze halen.

Duerfir ginn ech am Numm vun der CSV-Fraktioun natierlech den Accord zu dësem Gesetz.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madame Hansen. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri. Här Negri.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Wann ech elo wësst, dass ech lech kéint e Gefale maachen,...

### (Hilarité)

...wann ech just géif dem Rapporteur André Bauler Merci soe fir säi gudden Rapport, an dass ech och frou sinn, dass mer elo dee legislative Kader vum Max-Planck-Institut geschafen hunn, géif ech domadder och just den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Negri. Den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. déi gréng sinn, grad wéi déi aner Parteien och, prinzipiell dovun iwwerzeegt, datt et gutt ass fir eis Recherche an eis Héichschoullandschaft, datt mer eng Filial vun der Max-Planck-Gesellschaft op Lëtzebuerg kréien. Do kréie mer eng Struktur mat enger internationaler Renommée a mat engem fundéierte Wëssen op Lëtzebuerg. Datt déi Struktur muss kënne onofhängeg funktionéieren, ass richtig an och garantéiert. Datt de Max-Planck-Institut Lëtzebuerg enk mat der Uni zesummeschafft, ass genausou wichteg an och an der Konventioun festgehalen.

D'Recherche vum Max-Planck-Institut Lëtzebuerg fokusséiert sech op Aspekter vum internationalen an europäesche Verfahrensrecht a passt deemno exzellent op Lëtzebuerg an op de Kierchbiere.

E bësse speziell ass awer schonn, datt mer hei eng Konventioun op 30 Joer hunn, déi och nach sollt renouvelable sinn, wat awer zu Recht elo net méi de Fall ass. Ganz speziell ass och déi Regelung am Kontrakt, den Här Bauler huet och schonn dorobber higewisen: „Die Frist zur ordentlichen Kündigung dieses Vertrages...“, an esou weider, „Sie ist jedoch in keinem Fall kürzer als der Zeitraum bis zum Eintritt des jüngsten Direktors, der jüngsten Direktorin in den Ruhestand“. Dat ass schonn e bësseleche speziell.

Schéi fir deen neien Institut ass och, datt de Stat 100% vum Finanzement iwwerhëlt. Dat ass anscheinend oft esou, mä dat ass awer och net ëmmer esou, besonnesch, wann d'Filiale vum Max-Planck-Institut am Ausland sinn.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, mir sinn eis bewosst, datt mer mussen zu Lëtzebuerg attraktiv Konditione ubidden, well mer, fir d'Recherche auszubauen, nach viles am Opbau an am Opbroch hunn.

De Rektor vun der Uni Lëtzebuerg, de Rolf Tarach, huet an engem Artikel am „Wort“ vun dësem Dëschdeg Bilan vun zéng Joer Chef vun der Uni gezunn. Ech ginn net an den Detail vu sengen interessanten Aussoen, ech bleiwe beim Titel vu sengem Interview: „Ich war der privilegierteste Rektor der Welt“.

Déi Ausso mécht eis frou, mä mir sinn awer och bereet, se kritesch ze hannerfroen. Virun allem schéngt et eis wichteg, datt an Zukunft méi wéi an der Vergaangenheet och am Dossier Fuerschung an Héichschoul op Transparenz gesat gëtt.

Domat bréngen ech den Accord vun der grénge Fraktioun zu dësem Projet de loi.

### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänken an dem Här Bauler Merci soe fir e ganz gudden Résumé vun der Situatioun vun deem Gesetz, wéi en en elo hei ginn huet. Mir kënnen him recht ginn an all deene Kritiker, déi soen: „Et ass schued, datt et esou laang gedauert huet, bis dat Gesetz kënnt.“ Mä prinzipiell, an dat wëll ech elo emol direkt ënnersträichen, ier ech dann e bësse méi an den Detail ginn, begreisse mir och als ADR, datt e Max-Planck-Institut op Lëtzebuerg kënnt.

Mä et muss een déi Saach awer e bësse méi genee kucken. Wann een dee Vertrag liest, deen do ofgeschloss gëtt, oder déi Vertrag liest, déi do ofgeschloss waren, da stellt ee fest, datt et keen, wéi dat gewéinlech an engem Vertrag ass, kee Gläichgewicht gëtt tëscht Vertragspartner.

Ech muss lech éierlech soen, ech hunn dat do gelies an ech hat mech erënnert gefillt un eppes, wat mer aus mengem éischte Beruff bekannt ass: déi bedéngungslos Kapitulation vun engem virun deenen aneren. Dat ass och e bessen hei de Fall. Dat eenzegt Recht, wat mir als Lëtzebuerg hunn, dat ass, zu 100% ze bezuelen! Dat ass net vill!

Lount et sech? Wat kréie mer dofir? Mir kréien natierlech d'Präsenz vun engem Max-Planck-Institut zu Lëtzebuerg. An et ass jo och vu Prestige geschwat ginn hei an deem Gesetz. Mä wat ass de Prestige wierklech wäert fir e Land?

Ass dat dat Eenzege, wat mer mussen sichen?

Et ass vu Visibilitéit geschwat ginn. Mä ech wëll lech soen, an deene Konventiounen besti keng Garantie fir déi Visibilitéit, ausser datt de Max-Planck-Institut hei e Sëtz zu Lëtzebuerg huet. Et ass net gesot, datt déi Fuerschungsaarbecht onbedéngt muss hei sinn. Ech ka mer gutt virstellen, datt d'Doktorande vun deem Max-Planck-Institut iergendwou an der Welt hir Aarbecht maachen, emol net onbedéngt hei, awer 100% vu Lëtzebuerg bezuelt ginn, wat se emol da vläicht net wëssen oder sech däre net bewosst sinn.

Déi Visibilitéit vun engem Land, déi muss och vertraglech ofgeséichert ginn, wann ee se gär hätt. Et muss bekannt ginn, datt dat Max-Planck-Institut zu Lëtzebuerg ass. An dat ass hei an dësem Vertragswierk, op jidde Fall an eiser Analys, net garantéiert. Dat hätt ee kënnen an et hätt een et och misse vill méi preziséieren an ofsécheren.

D'selwecht wéi déi Relationen, déi mat der Uni Lëtzebuerg opgebaut gi sinn: Och dat ass eng reng One-Way-Street! Déi, déi op de Max-Planck-Institut beruff sinn, déi därefen och op der Universitéit Lëtzebuerg hir Léier maachen, dat heescht hir Léier ginn, also professoral Aktivitéiten ausféieren. Emgekiert net! Och dat ass bemierkenswäert. Et ass och net festgeluecht, datt zum Beispill dee wëssenschaftleche Bäirot ënner anerem muss besat gi vu Leit aus der Lëtzebuurger akademescher Zeen, sief et vun der Uni, sief et aus Regierungskresser.

Oder wat och däitlech feelt, dat ass d'Luxembourg School of Finance! Et besteet kee Bezuch an deem Vertragswierk op d'Luxembourg School of Finance, obscho mer hei vun engem vun deenen dräi Fuerschungsaktivitéiten ausdrécklech schwätzen: vu vergläichendem Verfahrensrecht a Finanzfroen. Och dat ass eng Lacune an dësem Vertragstexter, déi net hätt därefen existéieren!

Da muss een och kucken, ech mengen, mäi Kolleeg vun der grénge Partei, den Här Adam, huet och schonn op déi ganz, ganz komesch Kündigungsfristen do opmierksam gemaach, datt d'Kündigungsfrist déi ganz reschtlech Beruffszäit vum jéngsten Direkter muss ofdecken. Dat gëtt et - op jidde Fall souwäit ech weess mat mengem modeste Kenntnisstand - soss néierens! Op jidde Fall net hei am Land. Vläch kann d'Regierung eis eppes anescht erklären oder eis soen, firwat se op esou Regelungen ageet. Also, esou eng Garantie, wéi se hei d'Mataarbechter kréien an de ganzen Institut - am Vertrag steet: „Unbedingtheit der Finanzierungszusage“ -, dat hunn ech op jidde Fall soss nach néierens gesinn!

Dann ass et och interessant, fir déi gerichtlech Dispositione ze liesen. Mir hunn eng Diskussion hei am Land, wou verschidde Leit Demonstrationen an de Stroosse maachen, anerer hoffen op den Här Juncker, fir et ofgewennt ze kréien: Dat ass d'Émgoe vun eisem nationale Gerichtssystem am Kader vum TTIP: „investor-to-state dispute settlement“, also u sech juristesche Montagen, fir de Justizsystem vun engem Land kënnen ze émgoen.

Hei hu mer eng Sträitregelung tëscht dem Max-Planck-Institut an dem Lëtzebuurger Stat, dat ass en Tribunal d'arbitrage, e Conseil d'arbitrage, deen zu Paräis ass. An eise Lëtzebuurger Stat wor dann d'accord, datt mer Streidegkeete mam Max-Planck-Institut fir d'Éischt, wéi et sech och gehéiert ënner ziviliséierte Leit, am bilaterale Gespréich probéieren ze klären an datt mer dann op den Arbitrage ginn - an net op eis national Juridictionen! -, an och nach op eng auslännesch Arbitrage-Institution!

Déi Leit, déi dat hei stëmmen, déi mussen sech awer och herno froe loossen, wa mer op den TTIP kommen, firwat se hei d'accord si mat engem Émgoe vun der Lëtzebuurger Juridiction an op där anerer Säit dann am TTIP, wéi mir och vun der ADR, do awer hir Bedenken hunn!

Dat gesot, verstitt Der, datt mir esou Verträge wéi déi, déi hei presentéiert ginn, déi vill ze spéit dem Parlament virgeluecht ginn, an nach wahrscheinlech nëmme, well déi 40 Milliounen am Budget et exigéiert hunn, d'Lëtzebuurger Parlament ze informéieren... (veuillez lire: ze informéieren, net ënnerstëtze kënnen.) Mä dat do ass e klassescht Beispill vun engem schlecht ausgehandelte Vertragswierk vun der Lëtzebuurger Regierung!

Dofir, esou vill mer eis driwwer freeën, datt de Max-Planck-Institut hei zu Lëtzebuerg ass, fanne mir, et hätt misse méi visibel sinn, et hätt misse e bessere Vertrag sinn, an dofir enthalte mir eis bei dësem Gesetz!





Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Här Kartheiser. Domat wär déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An d'Wuert huet de Regierungsvertrieeder, de Statssekretär Marc Hansen.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och wëllen dem Rapporteur, dem Här Bauler, villmools Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. D'Virriedner hu schonn e ganze Koup vu Saachen thematiséiert, dofir wëll ech och net méi op den Detail agoe vu verschiddene Punkten, mä vläicht nach e puer Prezisiounen ginn, wou den Ament de Max-Planck-Institut drun ass.

Et goufen e puer Zuelen, wat d'Mataarbechter ugeet, hei ernimmt. Et ginn awer do e bësse méi aktuell Zuelen, déi ech natierlech wëllt mat op de Wee ginn. D'Fuerschung leeft effektiv an dräi Departementer mat all Kéiers engem Direkter. Do sinn am Moment awer eréischt zwee där Direktore genannt, an zwar sinn dat d'Professoren: Här Burkhard Hess a Madame Hélène Ruiz Fabri. An a ganz noer Zukunft wäerte 60 Leit do schaffen an et ass geplangt, dass den Institut bis op 150 Leit an d'Luucht soll goen.

Et ass natierlech profitabel fir d'Lëtzeburger Land, dass de Max-Planck-Institut hei zu Lëtzebuerg ass, an dat aus deene Grënn, déi d'Virriedner alleguerten ernimmt hunn.

Ee Wuert awer och nach iwwert d'Zuelen an de Finanzement - wat dat wierklech heescht, wat Dir hei hannendru wäert stëmmen. Ech mengen, en régime de croisière, do gëtt d'Kontributioun vum Stat op 12 Milliounen Euro d'Joer geschat. A mat der Lafzäit vun deem Kontrakt wësse mer natierlech, dass am Moment 360 Milliounen Euro géifen am Raum stoen. Dat sinn der awer e gutt Stéck méi, well dat Ganz natierlech un den Index gebonnen ass. An dofir schwätze mer hei net vun 360 Milliounen Euro, mä gutt vu 540 Milliounen Euro. Dat heescht, mir si wäit iwwer enger hallwer Milliard, déi hei engagéiert gëtt iwwert déi nächst 30 Joer.

Fir awer e Beispill ze ginn: 2015, Dir hutt et gesinn am Budget, do si mer bei 10,5 Milliounen Euro. Dat heescht, do si mer nach net direkt d'nächst Joer op deenen 12 Milliounen Euro, mä dat wäert awer elo ganz séier goen, dass mer an déi Richtung wäerte kommen.

Et goufen e puer Saachen ugeschwat, an ech géif op eppes zrëckkommen, wat ech och hei beim 'Vote' vum Premier-équipements-Gesetz gesot hunn. An zwar op där heiter Plaz hat ech ugedeit, dass mer bannent e puer Méint missten och nach eng Kéier an dem Kontext vum Max-Planck-Institut esou eng Regulariséierung maache vun enger finanzieller Situatioun, déi am Fong net gutt ass - dat ass ugeschwat gi vun deene verschiddene Virriedner -, well hei gouf eng Konventioun, e Kontrakt gemaach laanscht d'Parlament an am Fong laanscht d'Regele vun der Konscht, wéi dat sech gehéiert. Dat gouf och thematiséiert vun der Kontrollkommissioun. An ech mengen, et gëtt héich Zäit, dass dat heite gemaach gëtt, well ech mengen, esou soll een awer net operéieren.

Wann hautzudaags d'Regierung an all Parlamentskommissioun geruff gëtt, fir iwwer all Euro en Detail ofzeginn, wat jo och nëmme richteg ass, kann een awer hei feststellen, dass 540 Milliounen Euro engagéiert si ginn, an dat gouf an der Zäit awer einfach esou laanscht dat heiten Haus gemaach. An ech mengen, dat kann een natierlech net guttheeschen. An dofir gouf et och dat heite Gesetz. Dat louch der aktueller Regierung um Häerz, fir dat esou séier wéi méiglech ze regulariséieren, dofir och den Dépôt vum Claude Meisch am Abrëll vun deem Joer, soudass mer dat natierlech och elo haut kënne stëmmen.

Op där anerer Säit hu mer de Max-Planck-Institut elo zu Lëtzebuerg. Dat wäert bäidroen natierlech zu dem internationale Rayonnement. Et gëtt vill zesummegeschafft mat der Universitéit.

Mä awer och ee Punkt, wat d'Autonomie ugeet, och dat, wat den Här Kartheiser gesot huet: Hien huet proposéiert, fir do Regierungs-kreismembere mat ze nominéieren an iergendwelch Gremien. Ech erënneren drun, dass mer grad virdru mat dem Gesetz iwwert d'CRPen dovunner ausgaange sinn, dass mer deene méi Autonomie ginn an alleguerten d'Verrieder aus der Regierung oder aus de Ministären eraushuelen, soudass mer elo net hei kënne fuerde-

ren, fir d'Autonomie ze garantéieren, fir der do erëm dranzesetzen! Däers, mengen ech, sollt ee sech awer och bewosst sinn.

D'Zesummenaarbecht, déi fonctionnéiert mat der Universitéit, déi ass natierlech och an dem Kontext an an dem Kontrakt festgehalten. An d'Doktoranden, alleguerten déi, déi mir bezuelen, déi sinn awer och hei zu Lëtzebuerg an déi wäerten och hei zu Lëtzebuerg bleiwen.

Domadder wär ech frou, wann dat heite Gesetz géif gestëmmt ginn. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Statssekretär. Mir kënnen dann direkt zum Vote iwwert de Projet de loi 6679 iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6679 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

57 Kolleegen hu sech um Vote bedeelegt, 54 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen. Ech ginn dovun aus, dass déi motivéiert sinn. De Projet de loi 6679 ass also ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Tess Burton), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par Mme Simone Beissel) et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

An ech géif lech froen, ob mer d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ginn.

### (Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert. Merci villmools.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour, dem Projet de loi 6663 iwwer méi ëmweltfrëndlech Batterien, fir esou wäit wéi méiglech negativ Impakter op d'Ëmwelt vu gebrauchte Batterien ze vermeiden. Dat ass eng Transpositioun vun enger Direktiv. A mir géifen direkt dem Rapporteur, dem Här Adam, d'Wuert iwwerginn. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 6663 - Projet de loi modifiant

### 1) la loi modifiée du 19 décembre 2008

#### a) relative aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs

#### b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets;

### 2) la loi du 21 mars 2012 relative aux déchets

### Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Claude Adam (*déi gréng*), rapporteur.**- Merci, Här President. Mat dem Projet vun haut setze mer d'EU-Direktiv 2013/56 ëm. Dës Direktiv adaptéiert déi vun 2006. Hei geet et éischters, wéi Dir scho gesot hutt, ëm déi Batterien an Akkuen, déi op de Maart kommen an déi Kadmium enthalten. Dës Batterie ginn an elektreschen Apparater genotzt, déi net per Kabel un d'Stroumnetz ugeschloss sinn.

Zweetens geet et ëm déi kleng Batterien - Piles bouton, Knopfzellbatterien -, déi Spure vu Mercure, also Quecksëlwer enthalten. An drëtters gëtt d'Décsioun vum 5. August 2009 iwwert d'Exigenzen, déi un d'Produzente vu Batterien an Akkumulatore gestallt ginn, opgehuewen an do amplaz kënnt eng Annex iwwert déi prozedural Exigenzen, déi verlaangt ginn.

Déi nei Direktiv seet, datt vum 1. Januar 2017 u keng Ausnahm méi fir Batterien an Akkuen a

kabelfräien elektreschen Apparater méi därfer gemaach ginn. Vun deem Datum un därferen nëmme méi Batterien, bei deenen de Kadmium maximal 0,002% vum Gewicht ausmécht, op de Marché. Dat ass eigentlech kee Problem, well et gëtt och elo scho Substituter fir de Kadmium. Batterien op Basis vun Nickel-Metallhydrid oder Lithium-Ione sinn elo schonn um Marché.

Wa bis elo de Quecksëlwergehalt vu Knopfzellbatterien ënner 2% vum Gewicht vun der ganzer Batterie muss sinn, dann därferen ab dem 1. Oktober 2015 nëmme méi Batterien, ob se am Apparat selwer integréiert sinn oder net, op de Marché, vun deenen de Mercure nëmme méi maximal 0,0005% vum Gewicht ausmaachen därfer.

Och hei dierft déi Ëmstellung net problematesch sinn, well si ass schonn eng Zäit amgaangen. Et gëtt alternativ Produkter. Ech mengen, et ass allgemeng bekannt, datt souwuel Kadmium wéi och Quecksëlwer extrem geféierlech fir d'Gesondheet sinn. Déi zwee Stoffer verschwannen ëmmer méi aus de Produktiounschäinen, an dat ass och gutt esou.

De Statsrot hat säin Avis de 4. Abrëll 2014 ginn. D'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn hir Avisen de 27. Februar, de 14. Mäerz an de 14. Abrëll 2014 ginn. An déi waren alleguerte positiv, déi Avisen.

Den 30. Abrëll 2014 hat d'Ëmweltkommissioun mech als Rapporteur vum Gesetz bestëmmt. D'Kommissioun hat och den éischten Avis vum Statsrot aviséiert an du sinn nach zwee Amendementer nogestëmmt ginn.

Deen éischten Amendement - et war zweemol eng Reaktioun op den Avis vum Statsrot -, bei deem éischten hat de Statsrot gemengt, aus Transparenzgrënn wier et gutt, wann een net misst op aner Gesetzestexter zrëckgräifen, fir déi Dispositiounen ze fannen, déi wichtig fir dësse Projet sinn. Duerfir hu mer véier Artikelen aus dem Offallgesetz als nei Artikelen an dësse Gesetzesprojet iwwerholl.

Am zweeten Amendement, do hu mer nach en neien Artikel 18 bäigesat, mat deem mer beim Offallgesetz eng ähnlech Dispositioun agefouert hunn, wéi se am adaptéierte Kommodosgesetz steet.

Den zweeten Avis vum Statsrot, dee war dunn ouni weider Kommentaren. An d'Ëmweltkommissioun huet de Rapport hei an der Sëtzung vum 6. Oktober 2014 och ugeholl. Ech wëll dann och nach der Sekretärin vun der Kommissioun, der Madame Rachel Moris, a mengem parlamentaresche Mataarbechter, dem Paul Ruppert, an de Kommissionsmembere Merci soe fir hir wäertvoll Aarbecht un deem Rapport.

Dat war iwwregens mäin éischten an einstweile leschte Rapport fir d'Ëmweltkommissioun, well de Gérard Anzia zënter leschten Dënschdeg meng Plaz an der Ëmweltkommissioun iwwerholl huet. Dem Gérard wënschen ech eng gutt Aarbecht a vill interessant Rapporten an där Kommissioun.

Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren, a selbstverständlech bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun fir dësse Projet de loi. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Adam. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marco Schank.

### Discussion générale

► **M. Marco Schank (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Kolleeg Marcel Oberweis war eigentlech virgesinn, en huet awer weinst enger Auslandsverpflichtung éischter misse fortgoen, an dofir droen ech dann och seng geplangte kuerz Interventioun vir.

Fir d'Éischt erlaben ech mir och, dem Rapporteur, dem Claude Adam, Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dee virleiende Projet de loi behandelt d'Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv 2013/56. Duerch si gëtt, wéi de Rapporteur et och gesot huet, den Asaz vu Batterien an Akkuen, déi méi wéi 0,002% Kadmium enthalten an déi an elektresche Geräter ouni Kabel agesat ginn, vum 1. Januar 2017 u verbueden.

Zousätzlech gëtt och d'Verwendung vu Knappzelle mat Quecksëlwer nei geregelt. Dat ka gescheien, well et mëttlerweil Néckel-Metallhydrid- a Lithium-Ionen-Batterie gëtt, déi kee Kadmium méi enthalten.

Et muss ee wëssen, dass all Joers e puer Honnerttausend Tonne Batterien an Akkuen op den EU-Maart kommen. Niewent deene genannte Gëftstoffer enthalten déi och Bläi, Koffer, Zénk a Mangan. D'Entsuergung vun dësse Pro-

duite belaascht net nëmmen eis Loft, mä si kontaminéieren och d'Biedem a si belaaschten eis Gewässer.

Et soll awer drop higewise ginn, dass am Beräich vun de Knappzellen eng Reorientéierung amgaangen ass. Bei der Produktioun vun dësse gëtt op den Asaz vu Quecksëlwer verzicht. Et gëtt wuel festgehalten, dass Knappzelle mat engem Undeel vu Quecksëlwer vu maximal 2% vum Gewicht bis den 1. Oktober '15 nach um Maart bleiwen därferen. Ech wëll awer drop hiweisen, dass déi europäesch Direktiv drop hiweist, dass de Verkauf vu Knappzellen, déi méi wéi 0,0005% Quecksëlwer enthalten, vum Maart verschwanne soll.

Dat ausgewisent Zil vun der Direktiv ass kloer: Et wëllt een déi geféierlech Stoffer aus der Natur eraushalen, d'Ëmweltverschmutzung reduzéiere respektiv d'Biodiversitéit protegéieren.

Fir dass d'lwuerleeungen awer gräife kënnen, sinn d'Hiersteller vun de Batterien an den Akkuen zu Lëtzebuerg verflcht, esou wéi et an der Annex IV vum Projet de loi steet, sech ze enregistréieren, soudass hir Produkter op de Maart kënne bruecht ginn.

Den Artikel 9 verlaangt, dass d'Produzente vu Batterien an Akkuen alles an d'Wee leede mussen, fir dass hir Produiten einfach entsuergt kënne ginn. Och musse si derfir suergen, dass déi Entreprises, déi d'Entsuergung duerchféieren, all wichteg Informatiounen iwwert d'Produkter kréien, soudass kee Mataarbechter zu Schued kënnt.

Ier ech zum Schluss kommen, wëllt ech nach kuerz op d'Entsuergung vun dësse Produiten hei am Land agoen. „Ecotrel“, an „Ecobatterien“ sinn zwee agréiert Organismen, déi mat dem Asammelen an dem Recycling beoptragt goufen. Si schaffe ganz enk mat der Super-DrecksKëscht zesummen.

Just e puer Zuelen an deem Zesummenhank: Am Joer 2013 goufen et 224 Kollektipunkte fir Batterien an Akkuen. An dass mir zu Lëtzebuerg d'Entsuergung seriö huelen, bewiesen dës Chiffreren: Den Taux de collecte wor bei genee 60,88% an deem Joer 2013, dat heescht 9,58 kg op den Awunner. Lëtzebuerg rangéiert domat op enger Spëtzepositioun an der Europäescher Unioun.

Dëst gesot, bréngen ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Schank. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Villmools Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur Claude Adam e grouse Merci soe fir säi Rapport an den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Negri. Nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir säi schrëftlechen, awer och fir säi mëndleche Rapport. Et bleift am Fong net méi vill ze soen, mä ech wollt trotzdem e puer Gedanke mat lech deelen.

Bei deem Gesetz geet et ëm Batterien an Akkuen, dat hutt Der alleguer héieren. Während der Summerpaus hate mir jo alleguer Zäit, eis eege Batterien erëm voll opzelueden.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

### (Hilarité)

► **M. Max Hahn (DP).**- Dësse Projet ass d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv. Et ass sécherlech och de Beweis, dass net alles, wat vu Bréissel kënnt, schlecht ass. Dëst Gesetz wäert nämlech europawäit verbidden, ab 2017 Kadmium enthalend Batterien an Akkue fir schnouerlos Elektrogeräter op de Marché ze bréngen. D'Gesetz verbitt awer och ab Oktober 2015, Knappzelle mat engem Quecksëlwergehalt vun iwwer 0,0005% vum Nettogewicht op de Marché ze bréngen. Knappzellen, dat sinn iwwregens déi kleng ronn platt Batterien, déi Der beispillsweis an Ären Aueren oder eventuell och an Hörgeräter erëmfant.

### (Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Ah, maja, da sinn ech frou, wann ech dem Här Kartheiser konnt hëllefen.

Här President, wann ee weess, wéi schiedlech déi gëfteg Schweißmetaller Quecksëlwer a Kadmium fir de Mënsch, mä och fir eis Ëmwelt sinn, kënnt dëst Gesetz keen Dag ze fréi. D'Aschränke vun dësse geféierleche Stoffer an de Batterie wäert dozou féieren, dass d'Be-laaschtung a Bezuch op d'Offallbewirtschaftung fir déi kommend Generatiounen guer net